

E poar Bemeerkungen iwert éis Eechternoacher Mondoart

Iesen Idiom gehüört zur **Famillich** voan de west-moselfränkischen Dialekten, ma heeft sich däitlich of voam Stater Dialekt, deen 1984 iwert e Gesetz zur Nationalsprooch voan de Lëtzebuerger geen ass.

Säit spitsstens 1806: éisen Dialekt als Foerschungs- objet oder literarischem Idiom

Lei en Iwerbléck voan den Auteuren an hire Publikatiunnen : Dr Jean-Luc Hollenfenz, « Une enquête sur les dialectes luxembourgeois en 1806 » (Arel, 1938) ; Franz Joseph Mone, *Quellen und Forschungen zur Geschichte der teutschen Literatur und Sprache*, Mat äner Bibel-Parabel op Eechternoacher ! (Aachen, Leipzig, 1830) ; Mathias Hardt, *Vocalismus der Sauer-Mundart*, E., 1843 ; Dicks, *D'Kirmesgësch. Kome'de'stéck an èngem Ackt mat der Kusinn Laangfesch*, déi Eechternoacher schweetzt (L., 1856) ; Jos Speck, „ *Hämelmanus-Léid* ” mat de Weerder (Echternacher Anzeiger, 16.02.1873) ; Jules Keiffer, « Le dialecte d'Echternach » (*L'Illustré luxembourgeois. Luxemburger Illustrierte*, 17.03.1931, 25.03.1931) ; Hélène Palgen, *Kurze Lautlehre der Mundart von Echternach* (L., 1931) ; Isi Comes, „ *Idiomatik der Echternacher Mundart* ”, *Vierteljahrsschriften für luxemburgische Sprachwissenschaft, Volks- und Ortsnamenkunde* (1935-1950) ; Marcel Simon, *Echternach, liebe alte Stadt. Anekdoten* (Esch/A./, 1950, E., 1990) ; Albert Wirtz, „ Am Cirque „Hoaschli“ ” (E., 1953) ; Pol Wirtz, „ *Eechternoacha Volleksle'der* ” (*Harmonie Municipale Echternach 1872-1972. Témoignages et présences*, 1972 ; Pierre Kauthen, „Echternacher mundartliche Köstlichkeiten“, *Nos Cahiers*, 1998, 2-3 ; Marc Juncker, éd., *Eechternoach schi Steedchen. E Léiderbouch mat Anekdoten a Kommentäre voam Mar-*

cel Lorenz

(E., 1988) ; Frank Wilhelm, « Nos professeurs écrivains », *LCE, Festschrëft 150 Joër lechternacher Kolléisch 1841-1991*, 1992, Unveröffentlicht Texter op Eechternoacher iwer Lëtzebuerger Auteuren op der Antenn voam *Soziokulturelle Radio 100,7*, L., 1995 ss ; Pierre Lech, „ Zur Litaturgeschichte Echternachs oder Der Willibrordus-Effekt ”, *Nos Cahiers* (L., 1998, 2/3) ; Jacques Steffen, « Heemelmaus », Cnl, *L'objet du mois*, 01.09.2013.

Idiomatik, Orthografie, Phonetik

Verweise mir op di rezentst **Oarbiicht**, publizéiert voam Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch ZLS, *D'Lëtzebuerger Orthografie*, 2. Oplo, 2019. Di Haaptreegele fär Lëtzebuerghisch bestinn och fär d'Eechternoacher Mondoart, z. B. d'n-Reegel. Éisen Dialekt muss ä permanent den Normen oapassen, et muss än sich allzäit fron, wat än am **Uer** hoat, **är** ä schreift.

D'Eechternoacher hoan en besonniisch Virléift fär den Umlaut **oa**, dee ganz hannen am Hals produzéiert gëtt, fär den a oder aa z'erseetzen. Eng Ägenaart gëtt esu zur **Aaigenoart**, lechternach zu Eechternoach, e Kapp ass e **Koap**, en Aaslach ass en **Oaschloach**. Stackiechternacher gi **Stoakeechternoacher** genannt. Beispiller : de Maart ass bei **is** de **Moart**, eng Paart ass en **Poart**, e Gaart ass e **Goart**, oder, wann ä ganz gout Zäit hoat : e **Gaouert**. Knaschteg gëtt **knostig**, raschteg gëtt **roastig**. De kuurzen u gëtt dacks zum **ou**. En Hutt nene mir en **Hout**. Ëmgedricht gät och : Brout gëtt zu **Brutt**, der Dout gëtt der **Dutt**, eng Museks-Nout ass en **Nutt**, rout ass **rutt**. Ähnliches passéiert beim i, deen heiandsdo zum **éi** gëtt. Eis Sprooch gëtt **éis** Sprooch. Fir ,Wann ech geliftt', häeschst et bei is : Wann **ich**

geléift. De gebiirtigen Eechternoacher Paul Spang, Latäin-, Däitsch- a Geschichts-Professer an du Direkter voam Staatsarchiv, sot mir emol : **Nét voan Haai a Stri**, fär : kän klän Affär. Fär di ischt zwä Pronomen soe mir : Äich an **Daou**. Voam Pronomen fär di zwät **Persunn** kann än och d'Verb ,än **daouzen'** ofläden.

Noach mi lëstig war fréier d'Ge-woanicht, fär en **hoarde** Konsonant duurch e **waaichen** z'erseetzen. **Oafanks** voam 20. Jaouerhonner guffen et zwu bekannte Familjen : déi voam Geschäftsmán **Kries** oam Moart an déi voam Dokter Gust **Gretsch** a **Beerkes** (rue de la Montagne). Am Witz hoan d'Eechternoacher se genannt : **Griessen** a **Kretschen**. Den 10. Maai 1940 gung de Sprooch duurch d'Gaassen : D'Breise sain op der **Préck**. Réckbléckend soten d'Eechternoacher : An du kumm de **Gréich**. Äich selwer hoa mol zu em Tennis-Giigner gesot : Mäi **Balem** – Ball – war **ketricht**, fär : **ge-**



D'Sturm's Nini (1901-1972), su wi si gäier opgetroden ass. D'Foto staamt aous dem Eechternoacher Poararchiv!

dricht, als participe passé voam Verb **driëen** – dréien. Dacks gëtt er ersat duurch en a, wi an em Eechternoacher Volleksléid aous dem 19. Jaouerhonnert : Älef Aua, d'Ke'h gin op d'Saua. Iwerliwert voam Marcel Simon (Echternach, *liebe alte Stadt. Anekdoten*, 1950). An der Stad son se typesch, mir son typisch [den y wi en i aousgeschwat], si so komesch, mir so komisch, si ginn an de Buttek, mir ginn an de Buddik.

Fär Eechternoacher ze schweetze braouch ä vill Zäit, well mir d'**Weerder** an d'**Leengt** zéien. D'Mondoart staamt grisstendääls aus dem 19. Jaouerhonnert, d'**Lewen** ass deemols wi am Ralenti ofgelaaf, am Rythmus voan de Schaffpäerd **viroam** Teimer. De **Beerger** – Bierger – aous der Willibrordusstad hire Sënn fär Derisiunnen konnt sich dobäi austoben. D'Hämelmaousléid – Lidd – ass nët fir näist – näisch – elei entstan. Am Eechternoacher Typ stecht sät **iwig** – éiweg – en Grëtz gesonde sproochlichen Anarchismus, op alle **Fal** Mësstraue **gigeniwer** de Stadhäiren – Hären – : déi aous der Abtei, déi aous dem Denzelt, déi aous

dem Spidol, on och déi aous der Haaptstad.

Gellig Eechternoacher Aousdréck

Fénke mer oa mam Noam voam em fläissigen, **vurwätzigen** a flénken Déierchen, dem Symbol voan den Eechternoacher liberale Guiden a Scoute voan der FNEL : **d'Quaichlek**. Op Standart-Lëtzebuergisch : d'Kaweechelchen, ofgelät voam Däitschen *Eichhörnchen*. Dora fënt än d'Endsilb **lek**, fär en Diminutivum, dat wichtigst Woert ass **Aaich** oder **AAch** – eng Eech, mat hiren Eechelen – a virdroan d'Ofkiirzung voam Verb **Qua**, fär : **knauen**. Dës Explikatioun ass voam Alain Atten, e **lewig Weenderbouch**. En aneren Epternacismus, deen dacks zitéiert a falsch interpretéiert gëtt, ass **Brostloapseekelchen** – den Dicks hoat dësen droligen Term **zetisch** gebräoucht a seim Koméidistéck *D'Kiirmesgësch* – *D'Kiirmesgäst* – voan oachzéinhonnertsechsafzig. Dat Woert gëtt gebräoucht voan der Eechternoacher Kusinn **Laangfesch**. De Brostloapseekelchen ass d'Jhileestäsch, wu fréier d'Häiren hir Auer dra gedon hoan, d'Woert bezaaichent nët d'**Sakdouch**. An dann noach e spezielle Noam, dee mir gebräouche fär en Persunn, di nët voan Eechternoach staamt, ma dohigezo-gen ass a verséicht, sich oanzepassen : **e Bäigeproäften**, en Term aous der Gäärtnersprooch. Fär en Fëschstaang soten di al Eechternoacher **gäier** – gär : en **Steengelchen**. Domat hoan se **Heechten**, **Laangfesch**, **Boawen** a **Koarpe** gefaang. Typisch fär Eechternoacher Restaurant'en an de 1950er Jaoure ware Plaë wi **Hoasen-Ziwi** mat vill **Pefer**, **Heecht**, **Kudelflek**, **Riréck** a **Schweinskoteletten** am Jhelli.


En Anekdot **iwer** d'Joffer Léonie genannt **Nini** Sturm (1901-1972). Si hoat bis 1970 als forsk Jongeselinn de bekannte Café Sturm zu Eechternoach bei der **Préck** gefouert, mat vill Humor an äner spatz Zong. Än Kéier ass d'Nini mam Zuch an di

fransisch Haaptstad geräast. Bei hir am Kompartiment sutzen zwi jonk Borschten, elegant a **virlaout** 'Hechtercher' aus der Stad. Si wollten de Geek mat där aaigenoartiger Persunn man, an hoan se gefrot : Aha Joffer ! fuert dir och op **Paräais** ? – Nä, sot d'Nini, äich foaren op Pariss. – Op Pariss ?, soten d'Hechtercher. Mat zwéin ss ? – „ Nä, sot d'Nini, mat zwinn **Eselen**. – Am Rosch Bour seim Béichelchen *Bourlesken*. Eng 'Tom-bola' vu *Gesammelte Nonsens*. Witz, Poesie, Kalauer a *Persiflagen op lëtzebuergesch* (2020), gëtt de **Leser** opgefoerdert. „ Maacht mer eemol e Saatz mat : IECHTERNACH. – Wa meng Kichelcher iech gudd schmaachen, ma dann huelt IECH DER NACH ! “ D'Leit voan elei **déite** son : „ Wa mein Kéichelcher **eech gout** schmaachen, ma dann hollt **EECH** Der **NOACH** ! “ E séisse Slogan fär en Zockerbeecker !

„ Di **Kacker Kiirmes**' voam Juli 2021 ass mir 'sauer' rop gestuss – gestouss.“ Dat Woertspill ass voa mir. Am Hoynswénkel, hannert dem Denzelt, hoa mein Frau an äich zu dene ville Bettroafenen gehiört, déi mam **Hawaasser** ze don haten. Den Ausrock, Kacker Kiirmes' staamt voan den Awoaner aous Kack, deem Véirel, deen haut als Parking- a Kiirmes-Plaatz benutzt gëtt newent der fréierer Abtei a Richtung Park. Dësen **oarmsillige** Quartier luch bis viroa 60 Jaouer mi déif wi d'Strooss a guff reegelméissig iwerschwemmt, **wubäi** d'Waasser aus der Sauer sele **klaouer** war. Ma d'Woert Kack hoat näist mat Exkremente ze don. Am Mëttelalter stung op dëser Plaatz de Pranger, de Pilori. Den **oarme Verurtäälte** guff **oagestréckt** mat em eisenen Halsband, dat op Fransisch carcan gehäescht hoat. Di skatologisch Bedeutung voa Kack ass en anert Beispill voan Eechternoacher Ironie.

Spëtz- Haous- oder Strossenimm

D'Eechternoacher waren a säi noach èmmer **stoark** am Erfanne voa spezielle Bezaaichnungen fär e Mensch



D'Eechternoacher Foasicht, Aquarell voam Eechternoacher Kënstler Erny Wagner, dem Seedlich's Erny (1925-2014). Aous: **Eechternoach schi Steedchen** ènner der Direktiunn voam Marc Juncker, 1998.

ze charakteriséieren. – Deen nidderträchtige **Latzert**. Aousdrock voa Veroachtung, mat skatologischer Oaspillung, wäll Latz esu vill häescht wi Sch Voam André'i Duchscher. – **Mappelpitter** war e Roufnoam fär en Eechternoacher, deen am Frankräich 'd'Sprooch' e **winnig geliiërt** hat, a sich **huffrig** – houfreg – mat 'Je m'appelle Pitter' virgestallt hoat, schreift de Marcel Simon (*Echternach, liebe alte Stadt. Anekdoten*, 1950). – **De Koap.** Spottnoam, deen d'Élèven aus dem Escher JongeLycée hirem Mathematisprofesser gen hoan, dem Antoine Weis, deen och am Minett sain oagebornen Eechternoacher Dialekt net **verlaaigent** hoat. – **De Koarpe Vic.** Dëse Spott- oder Haousnoam hoat de Vic Haller, Gemänereceveur a (ge)wichtig Persinnlichkät, deen d'Stad Eechternoach bei de Begreefnisser a Receptiunne vertroden hoat, mat **Huf-** fert gedron. Bis elo konnt noach kä mir d'Etymologie voan désem Term plausibel explizéieren. Vläicht war ä voam Vic seine Virfoare Pitrusjénger oder Koarp war en Allusiunn op e bräde Mond.



Porträt voam André Duchscher (1840-1911). Foto Edm. Bremen, Metz, Römerstr. 31, énner der Preisischer Annexiunn. Kollektiunn voam Lucien Prim, Eechternoach.

– **De Billibord.** 1985 ass de Poopst Jean-Paul II. fär en Pastoralvisite op Eechternoach komm. **Sein Heiligtät** hoat viroam Parvis voan der Basilika en Statu voan éisem Lokal- a Nationalheiljen ageweihet, déi extra voam Dechen Émile Glesener bestallt gee war. Dëst Konstweerk verdanke mir dem **Mäessel** voam Lëtzebuerger Michel Heintz. Haaptsponsor war di eelste Lëtzebuerger Bank. Dat hoat de Pierre De Jong, Haapthandweerker aus dem Lycée, genannt **de Kohleproff**, derzou verläet, dem Grënner voan éiser Abtei säi Noam mat dem voan der BIL ze vermëschten. Dat Woertspill fonktionnéiert am Gäest voan der Hämelmanous, déi **noachwell** gäier de **Geek** mat den **Uwrigkäte** micht. – Mäi Monni a **Peter** – Petter –, den Edmond Wilhelm (Café de la Basilique oam

Vulpert) war **den Dokter**. Heen hat Tendenz, fär **Moanches ex cathedra**, gewëssermosse voam Predigtstoul, Pardon : voam Comptoir erof ze behaapten. Eechternoacher Spott : Éiser Herrgott wäess alles. Den Dokter wäess alles besser. De Spartze Johny wäess alles ischter.

Den Haousnoam voam Hôtel de la Sûre an der **Haler Gaass** war an ass **Am Pudel**. Viroa laanger, laanger Zäit hoat d'Sauer – d'Saua – sich anscheinand bei Iwerschwemmungen a Richtung Moart veriirt an hoat **beergaos** fär **Pidel** – Piddel – gesoargt. Dohär dësen **Domonyme** (*domus*, Latäin fär Haous). Den André'i Duchscher mäent, de Noam Pudel kënnt och komme voam Woert **Bouteille**, wubäi di al Eechternoacher de B duurch e P, an den t

Beispiller fär Standart-Lëtzebuergisch op Eechternoacher z'iwerseetzen

Den Hues leeft mat der Nues iwver de Wues.

Um Maart verkeeft de Bäcker Brout an Äppeltaschen.

Hätte mir eis Beem bezuelt!



E Slogan fir en Eisewurebuttek:
BEI EIS KRITT EEN NEL MAT KÄPP ZE KAFEN!

E Slogan fär en Eiseworebuddik:
BEI IS KRÉIT ÄN NELL MAT KEEP ZE KAFEN!

Den Hoas läeft mat der Noas iwer de Woas.

Oam Moart verkäeft de **Bee**ker Brutt an Epeltaschen.

Hätte mir is Bäem bezoalt!



En handgeschriwelen, zwäsätige Bréif voam Marcel Lorenz, Tunnesse Marcel (1926-2014), oa mäich. Datéiert voam 28. Juni 1997. Dora gät Reeds voam Max Menager, voan Eechternoacher Léider a voan éiser Mondoart, déi et gëllt an Evidenz ze seetzen. Hee set mir, äich soll heen daouzen. Aous dem persinnlichen Archiv voam F. Wilhelm.

duurch en d ersat hätten. D'Woert **Hal** für d'Haaptgeschäftsstroos, déi voan der Haler Buurgmauer oan a Richtung Sauer rue de Vianden genannt guff, gäat och op dat fréier Flossbet voan der launiger Sauer zréck. D'Naachen - di Schéffer mat flaachem Bodem, déi d'Schaffbaier - Schiffbauer - bei der Sauer am Park gezammert hoan, konnten an **Hal** Richtung Moart oanhalen.

Provisorische Bilan

A meiner Kandhät a Schullzäit zu Eechternoach an de 1950er Jaouren waren dacks Stécker voan Dicks an Duchscher oam Programm an der Sauer-Stad. Éis Stad hat knapps 4.000 Awoaner, d'Mobilität war nüt esu gruss ewi an éiser Zäit, en helle Woul kläen Handweerksbetriben hoan noach vill **Oarbnichtsplatz** offréiert. Praktisch an all Eechternoacher Klibb - Gesangverän, Stadmusik, Purette-klub, FNEL-Scouten an AGGL-Guiden, a sécher och bei hire bloe Bréider a Schwésteren, beim Daring, beim Tennis-Club, bei de Pompjeeën, beim Gemänepersonal, bei de politische Parteien, besonnisch beim Grouement / der DP, an de Betriben, an de Café'en, an su weider, bal iweral ass grissendäels Eechternoacher geschwat geen. Nom Kréich hoat den Dialekt **sugor** iirgendwi nei opgebléit, aous lokalpatriotischen a sproochlich-identitäre Grénn. Ma, mat der rasanter wirtschaftlicher Evolutiunn an deem émmer mi grusse Wolstand, hoat d'Gesellschaft sich siér vereenert. Et sain émmer mi 'Frimmer' derbäi komm, déi sich mi oder winniger oapassen, ma dat **kaoum** iwer éisen Dialekt. Di lokal Mondoart gëtt émmer mi zeréckgedréckt, an de Familljen, an der Schull, an de Veräiner, am öffentliche Lewen. Derbaanst hoat d'Standard-Létzebuergisch sich duurchgesat. Dëss allgemein Létzebuerg Sprooch - **Koinè** op Griechisch - gläicht émmer mi dem Däitschen, fransisch Weerder gi bal systematisch eliminéiert, wat dem kulturelle Gläichgewiicht nüt gout dät.

Mir persinnlich **feelt** op, dat en difusen Intérêt fär éis Mondoart bleift. Si ass **raou**, wiirk schwierfällig, ma hoat vill Charme a Relief, d'Koinè kléngt heiandsdo flaach an unni Saaf a Krafft. Dofär ass et en gout Idi, dat d'Stad Eechternoach e kommunalen **Oarbnichtsgrupp** énner dem Titel **Ils Geschicht, lise Patrimoine**, chargéiert hoat, énner anerem d'Eechternoacher Mondoart ze revaloriséieren. Dat ka vill Formen oanhollen : en Enquête iwer den aktuelle Gebräouch voam Dilalekt, Eechternoacha Léider sange **losen** an der Schull, an de Klibb an dohäm, e Concours fär nei Eechternoacher Publikatiunnen oder literarisch Texter an d'Lewe roufen, Reden op Eechternoacher am Gemänerot, bei de Predigten oder bei aneren öffentliche Kommunikatiunnen aféieren, Opféirung voan Theaterstécker, Deklamatiunne voa klassisch poetischen Texter a Prosa oder voa Rap-Texter, Reklammen, Menu'en a Panneau'en op Eechternoacher, Opstauung, Moderniséierung a wéssenschaftlich Opschaffung voan deene villen Dokumenter - säit dem Mëttelalter ! - an éisem Stadarchiv, dat bësser zougänglich gemaacht a professionnell sollt geréiert geen, an op soll sái fär Dépot'e voa Familljen, Institutiunnen a Veräiner.

Et bleift vill ze don, et ass derwert sich anzeseeten, fär dat Flam nüt definitiv aousgät an domat en Däl voan därl lokaler Identitéit d'Saua rofdreift. Ma et sollt än **Oacht** geen, fär dësen Häerzensprojet nüt museal anzefréieren !

Voam Frank WILHELM,
alias : Pudel's Fränk

1947 zu Eechternoach
op d'Welt komm
Fransischprofesser a Literat •

Eechternoacher Mondoart

Le dialecte propre à la plus vieille ville du pays

Langue essentiellement orale, le dialecte epternaciens – adjectif dérivé du nom latin d'Echternach : *Epternacum* – est connu grâce à des documents imprimés depuis le début du XIX^e siècle. Elle est évoquée la première fois en 1806 dans un rapport de l'Administration française dans le ci-devant Duché de Luxembourg devenu Département des Forêts. En 1830 le linguiste allemand F. J. Mone publie une étude comparant les différents idiomes du jeune Grand-Duché, sur la base de traductions d'une parabole biblique. La première étude linguistique luxembourgeoise est due à Mathias Hardt, professeur au Progymnase de sa ville natale et auteur, en 1843, de la plaquette, *Vocalismus der Sauer-Mundart*. En 1856, Edmond de la Fontaine, *Dicks* (1823-1891), fils d'un haut fonctionnaire grand-ducal, publie et fait représenter dans la capitale son vaudeville *D'Kirmesgèscht* (Les Invités à la kermesse). Il y fait parler pour la première fois un personnage de femme du peuple à la langue bien pendue qui fanfaronne en epternaciens. On trouvera d'autres passages de cet idiome dans l'épopée animale de Michel Rodange, *Renert oder De Fuuß am Frack an a Ma'nsgrëßt* (Le Renard en habit et à taille humaine L., 1872). Ce poète, qui a habité transitoirement dans notre ville, attribue le dialecte d'Echternach au personnage du *Re'hbock* (le chevreuil) qui habite la forêt toute proche de la *Haard*. En 1873, le pro-

fesseur de langues anciennes, historien local et écrivain occasionnel Joseph Speck (1834-1901) publie, sur un air de marche d'origine allemande, les couplets satiriques en dialecte local intitulés *D'Hämelmaous* (Le grillon du foyer). On y trouve illustrés l'esprit taquin et l'inspiration libertaire des Epternaciens qui ne s'en laissent pas conter par les autorités politiques ou ecclésiastiques. À partir de 1894 et pendant une douzaine d'années André Duchscher publiera des drames sociaux dans la *Mondoart*, c'est notre auteur le plus prolix. Parmi les nombreux linguistes qui ont analysé les particularités de l'idiome, il convient de citer : Hélène Palgen, professeure de Lettres qui a publié une étude de phonétique : *Kurze Lautlehre der Mundart von Echternach* (L., 1931). Son collègue Isi Comes fait paraître une série d'articles intitulés „Idiomatik der Echternacher Mundart“ dans une revue de linguistique, d'ethnologie et de topologie (1935-1950). Pierre Kauthen, professeur de français au LCE, commente quelques pépites dialectales dans „Echternacher mundartliche Köstlichkeiten“ (*Nos Cahiers*, 1998, 2-3). La même année Marc Juncker édite une plaquette avec textes, partitions et CD dédiés à *Eechternoach schi Steedchen. E Léiderbouch mat Anekdoten a Kommentäre voam Marcel Lorenz.*

Une des rares études en français sur notre idiome est due à Jules Keiffer (1853-1938), professeur luxembourgeois de Lettres, auteur d'une étude intitulée « Le dialecte d'Echternach », parue dans *L'Illustré luxembourgeois* les 17.03.1931, 25.03.1931. Voici quelques-unes de ses observations concernant l'aspect phonétique et orthographique de l'epternaciens à son époque :

« L'idiome de la Sûre prononce rarement *scht*. Pour maître : *Méster* (Mészter, en luxembourgeois standard) ; pour le beau : *Koster* (Koschter) ; pour les seins : *Brost* (Broscht). Le ô est remplacé par u. pour le pain : *Brut* (Brout). Pour mort : *dut* (dout). É devient è ou ê. Pour les têtes : *Kép* (Képp). Pour couteau : *Mésser* (Messer). Pour un petit paquet : *Pékelen* (Pèkelchen). Pour parler : *schwézen* (schwèzen). Le i remplace è. Pour le trèfle : *Kli* (Klee). Pour l'âme : *Sil* (Séil). Pour beau : *schin* (schéin). Pour méchant : *bis* (béis). G remplace k et b remplace p. Pour une couronne : *Granz* (Kroun). Pour un chrétien : *Grest* (Chrëscht). Pour une place : *Blaz* (Plaatz). Le dialecte d'Echternach comporte des expressions singulières qui ne se rencontrent pas dans d'autres idiomes : *Brostláp* (Gilet) ; *Hoschli* (personne déguisée) ; *elo firenst* (il y a quelques instants) ; *Quaijlek* (Eichhörnchen, écureuil). »




Jules KEIFFER

De Sprooche-Professer Jules Keiffer (1853-1938), wi de Karikaturist Albert Simon (1901-1956) hee geséin hoat. Aous dem satirische Blat De Gukuk, 06.07.1929.

D'KUSINN LAANGFÉSCH

Zaaichnung voam Carlo SCHMITZ fär D'Kiirmesgäsch.

D'Kusinn Laangfesch ass ageladen a bræet sich auss fär e paar Deeg oder Wochen. Hir Kannerkutsch déint als Schubkoar voller Koffer. Och dem Willibrord sein Basiliika ass derbäi – mat véier Tilrm. Oam Hout voan hirer Mamm, di dräi ungezoge Gaassebouwen an hire Mupp. D'Madame schweetzt gehäerzt Eechternoacher a verzeelt, wi si d'Kanner wéllt erzéien. De Ministère de l'Éducation kënnt sich elei inspiréieren. Notéiert de rutt Schoun mat hién Talongen: d'Madame bréngt et onverhofft fäerdig, sich e jonke Maan ze kroopen. Si gett nüt «gefesch».



D'Kusinn Laangfesch geséin voam 'Hexemäster' a Karikaturist Carlo Schmitz. Aous dem elektronischen Diaporama voam Frank WILHELM, Lofléid fär éisen Dicks, den Edmond de la Fontaine, dee villen opgeblossen Dommkeep den Diks geriicht hoat, 2024.

Né dans l'Est grand-ducal, Keiffer a été un témoin important concernant certains aspects des créations linguistiques d'Edmond de la Fontaine. Celui-ci est l'auteur de vaudevilles, pièces comiques à grands succès avec intermèdes musicaux. L'une de ces œuvres a un rapport direct avec Echternach : *D'Kirmesgäsch*, de 1856. Un père de famille soucieux de bien marier sa ville, invite des cousins pour la kermesse de la capitale, la Fouer. Chacun s'exprime en un dialecte différent : il y a un Ardennais, un Mosellan, un homme du Sud et une cousine, qui remplace son fils ainé, et que Dicks appelle *Kusinn Laangfesch* : cousine anguille qui s'accroche. Elle s'amène avec trois de ses gosses mal élevés, et un klebs à la clef, mais comme mère elle nappe cela d'un discours abondant, gouailleur, avec des epternacismes en cascade et beaucoup d'humour inconscient. Le dialecte d'Echternach, rugueux mais amusant, épicé et direct, génère un moment de franche gaité. Dans l'esprit de la future chanson *Hämelmaous*, les Epternaciens aiment exhiber leur distance vis-à-vis des autorités quelles qu'elles soient. On est gentiment contestataire, quoi.

Keiffer est le seul historien littéraire révélant que : « Dicks n'a jamais habité Echternach, mais il y possédait un bon ami, feu le professeur Joseph Namur, qui, maître consommé dans l'art de parler lentement et correctement le vrai patois de sa ville natale, lui aura servi de guide dans ces trois pages d'orthographe spéciale. » Exploitant de la Pharmacie du Cerf, place du Marché, Namur (1823-1892), était aussi professeur de l'école secondaire d'Ech-

ternach de 1848 à 1887. Il n'a rien publié en dialecte d'Echternach, mais il le parlait couramment. En somme, grâce aux tuyaux dus à l'enseignant-apothécaire epternacophone, Dicks, dramaturge et fils du Gouverneur de Luxembourg, a offert une émergence scénique à la langue orale qui nous est chère. Pour cet anoblissement linguistique, il mériterait le statut de greffon echternachois : *Eechternoacher Bäigeproffen*.

Frank WILHELM
alias François GUILLAUME
Né à Echternach en 1947
Professeur de français, homme de Lettres •

Esu schweetzt än Eechternoacher (Video):



Esu schweetzt än Eechternoacher

Ville d'Echternach

[Voir sur YouTube](#)

